

Stroosbuerg

Ier déi flott Saachen vun engem Studenteliewen ufänken, muss een nieft der Aschreiwung op der Uni natierlech och een Daach iwwer dem Kapp sichen.

Fir dir bei der Sich ze hëllef, hunn mir e puer Startpunkten:

- Eisen Facebook-Site : Groupe Immobilier De Storchi, do schreiwen Studenten wou aus hirer Wunneng erausplénneren oder eng Wunneng/Colocatioun sichen. Enner anerem kann een och Miwwelen fir e puer Suen kafen oder verkafen
- Internet-Säiten : Meeschtens lafen d'Wunnengen iwwer Agence : seloger.fr, century21.fr, fnaim.fr, foncia.fr, immoval.fr
Iwwer den Site leboncoin.fr fënnt een awer och Annoncen vun privat Leit, wou een haalt frais d'Agence spuert
- An verschidden Haiser an den Studentenquartieren wei Esplanade oder Krutenau fënnt een och Annoncen ënnen am Agang/Concierge.
- An der Haaptentrée vun der Kantine um Hauptcampus fënnt een Annoncen fir Wunnengen, Colocatioun bis zu Miwwelen an Bicher
- Studenten-Residencen sinn natierlech och zu Stroosbuerg, hei kann een sech beim CROUS vun der Uni mellen
- Et ginn och Studenten-Residencen déi net vun der Uni sinn wei zB Les Estudines Kléber
- Staat Lëtzebuerg huet zu Stroosbuerg Studio'en zur Verfügung, um mesr.public.lu fënnt een weider Informatiounen

Den Duerchschnëtt vum Loyer leit zwëschen 300-600€ pro Persoun waarm, natierlech ofhängeg vun der Gréisst an Lag vun der Wunneng. A ganz Frankräich huet een d'Méiglechkeet eng « aide au logement » unzufroen « CAF », fir weider Informatiounen fënnt een ënner www.caf.fr.

Wann een nach Froen huet, net zecken an einfach engem Stroosbuerger schreiwen, sief et eng Mail un ee ALUS-Comité-Member oder einfach op der ALUS Facebook Saite.